

Dat war esou virgesinn, an dat ass drop zréckzeféieren, dass et eben, zënter dass esou Décisiounen net méi kënne mat engem Règlement ministériel verofscheet ginn, mä e Règlement grand-ducal brauchen, wann eng Décisioun Mëtt Dezember fält, bal ni méiglech ass, dass se den 1. Januar applizéiert gëtt.

Spéitstens zënter deem heite Fall missten d'Acteuren also alleguer um Terrain wëssen - ob dat d'Keese sinn oder ob dat d'Prestatäiré sinn -, dass, wann een eng Eenegung Enn Dezember oder Mëtt Dezember huet, et materiell quasi net dran ass, wann e Reglement duerch de Conseil de Gouvernement, oder/a wann d'Urgence net unerkannt gëtt, duerch de Conseil d'État muss goen, dass et kann esou schnell veröfentlecht ginn.

Et ass richtig, dass d'Partner sech eens gi sinn iwwert d'Tarifverhandlungen, dass e ganz moderaten Ofschloss oder en Nullof-schloss tëschent den Dokteren an der UCM komm ass, an dass et zu enger berech- tegter Consultation majorée bei de Genera- listen a bei de Spezialisten an der Gériatrie komm ass, an dass och am Prinzip of- gemaach war zwëschent de Verhandlungs- partner, dass dat sollt den 1. Januar a Kraaft trieden. Souwäit zu der Absicht.

D'Realitéit ass déi, dass d'Reglement duerno ausgeschafft ginn ass, dass et am Februar an de Conseil de Gouvernement komm ass, dass de Conseil de Gouver- nement d'Urgence hannerfrot huet an do Explikatioune kritt huet, firwat, d'Urgence dann och unerkannt huet, an dass duerno de Règlement grand-ducal sai Wee gaan- gen ass, fir dann de 14. Mäerz a Kraaft ze trieden an och direkt kënnen offiziell appli- zéiert ze ginn.

Am Kloertext heescht dat also, dass, och wann d'Sozialpartner, an deem Fall d'So- zialpartner op där enger Säit an d'Presta- tairen op där anerer Säit, sech eens ginn, fir eppes den 1. Januar ze applizéieren, och si wësse mussen, dass, wann e Reglement noutwendeg ass, dat Reglement muss veröfentlecht sinn, fir dass een et kann applizéieren.

Well awer an deem heite Fall sécher keng schlecht Volontéit do war, dass d'Dokteren den Tarif relativ fréi am Joer applizéiert hunn an och eenzel Keesen dat an engem gudde Glaf applizéiert hunn, a well och de Patiente kee Schued soll entstoen, muss ech soen, dass meng Servicer an och d'Inspection générale de la sécurité sociale näischt dergéint hunn - wann zwar keng retrograd Positioun ageholl gëtt, wéi d'Madame Stein gesot huet -, mä dass dofir gesuergt gëtt, dass keen e Schued däréif duerch dese Malentendu kréien, well e Malentendu war et.

Wann nämlech e Reglement oder wann eng Ofmaachung um Internet steet a fir jiddfer Dokter konsultéierbar ass, an den Dokter am gudde Glaf gehandelt huet, da soll ee mat gesondem Mëncheverstand am Kader vun de gesetzleche Bestëmmunge mat de Krankekeesen eng pragmatesch Approche huelen - an déi huele mer.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Dann den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Fro vum honorabelen Här Adam iwwert d' Aféierung vun enger franséischsproocheger Filière an der Sainte-Sophie. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.



9. Question avec débat N°14 de M. Claude Adam relative à l'introduction d'une filière en langue française pour l'éducation préscolaire et l'enseignement primaire à l'École privée Notre-Dame dès la rentrée 2007-2008

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Ma- dame Minister, den 28. Februar 2007 hu mir en Artikel am „Wort“ gelies ënnert der Iwwerschrëft „Den Schuleinstieg erleichtern“, deen eis matgedeelt huet, dat ab Septem- ber 2007 d'École Sainte-Sophie Spillschoul a

Primärschoul a franséischer Sprooch géif ubidden. An dës Offer richt sech un éischter Stell u Kanner vu véier Joer un, déi an engem franséischen Ëmfeld opwuessen.

Elo kéint et eis jo eigentlech egal sinn, wat esou eng Privatschoul fir Weeër wëllt goen. Mir mengen awer, dat mer et hei mat enger bis elo zu 100% konventionéierter Privat- schoul ze dinn hunn, an dat déi Richtung, déi hei ageschloe gëtt, e ganze Koup Pro- blemer opwerft.

Fir d'éischt de Problem vum Trilinguismus. Mir hunn hei an der Chamber schonn oft a feierlech betount, dat mir zu Lëtzebuerg wëllen un eisem Trilinguismus festhalen, dat dat mat alle Schwierigkeeten, déi domadder verbonne sinn, nun emol eng Charakteristik vun eisem Schoulsystem ass. Ech erënneren un déi 40 Mesuré vun 1991 an un den Débat d'orientation sur l'école d'intégration vum November 2000.

Natierlech kann een och zu all Moment erëm iwwert de Lëtzebuenger Trilinguismus diskutéieren. An der Zäitschrëft „Forum“ zum Beispill vun deem Mount steet een Artikel vun engem Professer vun der Uni Lëtzebuerg ënnert der Iwwerschrëft „Re- thinking Language in Education Policy in Luxembourg“, deen eng ganz kloer Ausso zugonschte vun engem zweegleisege Sproochenunterrecht zu Lëtzebuerg mécht, eng däitsch an eng franséisch Schinn.

Mir ruffen net direkt Bravo, mä och déi Gréng, oder besonnesch déi Gréng si be- reet, nei Weeër ze denken, a wa mir da mat eisem Denken zu viabele Konsequenze kom- men, si mir och bereet, nei Weeër ze goen.

Well mer awer am Virfeld keng Diskussioun haten iwwert d'Opgi vum Trilinguismus an eise Schoulen, gi mer dovun aus, dat dat mat deemem Projet net an d'Wee geleet soll ginn. Mir mengen also dierfen dovun auszegoen, dat et sech hei ëm en Eenzelfall, ëm e Projet pilote vun enger Privatschoul handelt.

Et erstaunt eis awer, wa mer an der Zeitung liesen: „Der Unterricht, der vom franzö- sischen Unterrichtsministerium genehmigt ist und vom luxemburgischen Unterrichts- ministerium unterstützt wird, wird aus- schließlich von französischsprachigen Leh- rern abgehalten.“

Mir fannen et verwonnerlech, dat de fran- séischen Unterrechtsminister hei alles ge- nehmege, a froen eis, op wat sech d'Ënner- stëtzung vum Lëtzebuenger Ministère bezitt: Dach net ieren op eng finanziell Ënner- stëtzung?

Och wann déi meescht Privatschoulen zu Lëtzebuerg ganz staark subventionéiert ginn, misst dat hei jo awer eng Schoul sinn, déi keng finanziell Ënnerstëtzung dierft kréien.

Mir froen eis och, wie fir d'Qualitéit vum Un- terrecht vun dëser Schoul soll responsabel sinn. Einstweilen nach de Gilles De Robien mam Inspecteur général vu Metz-Nancy an den Directeur d'école.

Wann et sech dann hei ëm en Eenzelfall handelt vun enger Privatschoul, da stellt sech natierlech d'Fro, ob dës Projet even- tuell Nofolger kritt.

An deem Zeitungsartikel - eng aner Informa- tionsquell hu mer jo leider net - steet och, dat schonns Ufroer vu franséischen, bel- schen, italieneschen, spueneschen a skan- dinaveschen Eltere fir dës Schoul do wäeren.

Mir wunnen an engem Land mat enger héijer Zuel vun Auslänner. Mir wëssen och, dat et zu Lëtzebuerg net déi franséisch Communautéit ass, déi zueleméisseg am stäerkste vertraueden ass.

D'lescht Woch war de portugisesche Pre- sident zu Lëtzebuerg op Besuch. Hien huet sech anscheinend beandrockt gewise vun eisem exigente Schoulsystem, deen niewent der Mammesprooch nach dräi weider Sprooches verlaangt.

Kennt de portugisesche President de Projet vun der Sainte-Sophie? Ass an nächster Zäit mat enger Schoul ze rechnen, wou hien eventuell oder wou de portugiseschen Edu- cationsminister de Chef ass?

Mir hu schonns öfter drop higewisen, dat mir zu Lëtzebuerg virum Choix stinn, eng Schoulreform ze maachen, déi aus eiser Sproochevillfalt an aus eisem Sproocher- äichtum Kapital zitt a méiglechst vill Kan- ner zu engem méiglechst gudden Schoul- schloss féiert, oder, wa mir dat net fäerdeg bréngen, well dat schweierfälllegt Schëff vun der Éducation nationale net manövréierfäeg ass, da risikéiere mer eng Hällewuill vu Pilot- projeten a privat Initiativen ze kréien.

An da kommen ech zu mengem leschte Punkt. Och wann dës lescht Optioun, déi vun de ville klengen Innovatiounen, net eise Virstellung vun enger gudder Schoulpolitik entsprécht, da musse mir awer mat Staunen a mat Respekt zur Kenntnis huelen, dat

d'Privatinitiativ mat lénks fäerdeg bréngt, wat d'Gauche schonns jorzéngtelaang fuerdert: d'Trennung vu Kierch a Stat.

Et ass wierklech d'Schlagsahn um Kuch vun der helleger Sophie, wann et esou einfach heescht, well a Frankräich d'Schoul laizis- tesch ass, gëtt dann och an deemem Projet kee Reliounsunterrecht am Kader vum nor- male Schoulhoraire gehalen.

Wat bei dem Projet Neie Lycée nach Chef- saach war, wat de franséische Botschafter quasi iwwer Nuecht fäerdeg bruecht huet, dat wäert jo dann och sän Nidderschlag am neie Schoulgesetz fannen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Adam. D'Madame Minister vun der nationaler Er- zéiung, d'Madame Delvaux, huet d'Wuert.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, Mi- nistre de l'Éducation nationale et de la For- mation professionnelle.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir deen Débat hei ze situéieren, ass et vläicht wichteg, den De- putéierte matzedelen, dat mer zu Lëtze- buerg eng franséisch Schoul hunn! Mir hunn eng franséisch Spillschoul, Primär- schoul an e franséische Lycée. Déi funktio- néiere säit Jorzéngten, géif ech soen, hei zu Lëtzebuerg. Déi ënnerstinn der Autoritéit vum franséische Système d'éducation nationale, an, wéi den Här Adam richtig gesot huet, dem Inspekter vum Rectorat Metz, huelen ech un.

Dat ass eng franséisch Schoul, esou wéi mer eng englesch Schoul zu Lëtzebuerg hunn, d'St. George's School. All Schoule ginn nom Privatschoulgesetz subventionéiert.

Déi Schoulen, déi de Lëtzebuenger Schoul- programm maachen, also deeselwechte Programm wéi d'Lëtzebuenger öffentlech Schoul, ginn zu 90% subventionéiert, an déi aner ginn zu 40% subventionéiert. Dat ass e Gesetz, wat ënnert der viregter Regierung esou gestëmmt ginn ass.

Elo ass et esou, dat d'franséisch Schoul débordéiert ass mat Demandé vu Kanner a vun hiren Elteren, déi gär géifen an där Schoul scolariséiert ginn. Et ass sécher och kee Geheimnis fir d'Deputéierten, dat déi fran- séisch Schoul amgaang ass, eng nei Schoul ze bauen, fir sech ze vergréisseren, well hir jëtzeg Infrastrukturen net méi duerginn.

En attendant hu si dunne d'Sainte-Sophie approchéiert an hunn d'Sainte-Sophie gefrot, ob déi bereet wäeren, eng franséisch Filière ze maachen, fir déi franséisch Schoul ze dépannéieren.

Domadder huet sech d'Sainte-Sophie, wann ech dat richtig interpretéieren, eigentlech verabschit aus dem Lëtzebuenger Primär- schoulsystem an huet sech ralliéiert an de franséische Primärschoulsystem. A fir dat se dat dierfe maachen, musse se eng Autorisa- tioun vun der Regierung froen, well all Privat- schoul, déi subventionéiert gëtt, muss d'Re- gierung froen, ob se domat d'accord ass, wa se hir Finalitéit an hire Programm änneren.

Domat ass et also net esou, dat et e Projet pilote ass vun der Sainte-Sophie, mä d'Sainte-Sophie geet iwwer, fir déi nächst Rentrée, an de franséische Schoulsystem. Fir déi Décisioun saisine ze maache vum Conseil de Gouvernement; dat muss ech maachen, well dat esou am Gesetz steet.

D'Regierung huet sech domadder d'accord erkläert. Well mer wëssen, dat et eng riseg Demande ass vun deene francophonë Schoule fir genuch Plazen ze offréiere fir Kanner, an duerfir war d'Regierung do- madder d'accord.

Dat heescht dann natierlech, dat d'Sainte- Sophie fir déi do Scolaritéit nëmmen zu 40% subventionéiert gëtt. Duerfir verstinn ech ei- gentlech net déi Opreegung.

Merci, Här President.

» M. le Président.- Merci, Madame Mi- nister. Domat ass och dës Punkt vun eisem Ordre du jour ofgehaakt a mir kommen elo un d'Ännerungsvirschléi vum Chamber- reglement. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Gast Gibéryen.



10. 5690 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

» M. Gast Gibéryen (ADR), rappor- teur.- Merci, Här President. Duerch d'Gesetz vum 28. November 2006 hu mer e Centre pour l'égalité de traitement agefouert. Den

Artikel 11 an deem Gesetz hält fest, dat dee Centre sech zesummesetzt aus fënnef Per- sounen; ee President a véier Memberen, déi vum Grand-Duc genannt ginn op Propo- sitioun vun der Chamber.

Mir mussen duerfir an eist Reglement eng Prozedur aschreiwien, wéi mer déi fënnef Leit nennen. D'Reglementskommissioun huet sech do alignéiert oder inspiréiert am Fong un darselwechter Prozedur wéi mer se hu fir d'Nominatioun fir d'Membere vum Conseil d'État.

Duerfir gëtt am Titre V en neie Chapitre 3ter agesat mat der Prozedur. Wéi gesot eng Prozedur, déi identesch ass wéi fir d'Nomi- natioun vum Conseil d'État. Duerfir géif ech mer och erspueren, fir lech déi nach eng Kéier ganz hei opzezielen.

Ech wëll just soen, dat et hei nëmme fir déi fënnef Poste fënnef Nominatioune gëtt. Et ass net wéi beim Conseil d'État, wou fir all Posten dräi Leit nominéiert ginn an dat et fir de President e separate Vote gëtt. Dat heescht, fir d'éischt gëtt de President gewielt an da ginn déi véier aner Membere gewielt.

De Rescht ass am Fong identesch wéi d'Prozedur, déi mer hu fir d'Nominatioun vun de Leit fir d'Mandater am Conseil d'État.

Bei dëser Geleeënheet profitéiere mer nach fir zwou aner Saachen an eisem Reglement ze änneren.

Den Artikel 122 ass an eisem Reglement stoe bliwwen, obscho mer déi leschte Kéier eng Réécriture gemaach hu vun der Pro- zedur fir d'Designatioun fir d'Membere vum Conseil d'État an deen Artikel am Fong domadder hifälleg ginn ass. Dat war awer vergiess ginn aus dem Reglement eraus- zehuelen. Mir géifen dat dann dës Kéier mat maachen, also den Artikel 122 sträichen, a mir géifen, ier mer eist Reglement am Mémorial publizéieren, eng ganz nei Numé- rotatioun vun den Artikele maachen.

Dat sinn déi dräi Ännerungen, déi mer lech proposéieren. Si sinn och eestëmmeg an der Kommissioun ugeholl ginn, fir dat d'Chamber déi sollt de Mëtteg stëmmen, an ech brénge gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun eisem Grupp mat.

Merci.

» M. le Président.- Ech denken, dass och all déi aner Gruppen d'accord si mat deem, wat den Här Gibéryen proposéiert, am Numm vun der Kommissioun.

Da komme mer zur Ofstëmmung.

Vote

Déi Propositionen, déi den Här Gibéryen virgedroen huet, sinn eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto- Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich- Duval), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.39 heures)